N°1927
Entrée le 12.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 1927 vum 12. Februar 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabele Deputéierte stellt Froen zu der Autobunssopfaart Réimech/Schengen an der Verkéierssécherheet am Zentrum vu Réimech.

Zu der Verkéierssécherheet a Réimech ass Follgendes ze soen.

Am August 2023 sinn nei ministeriell Richtlinnen zu Verkéierberouegungen „Apaisement de la circulatioun – Verkehrsberuhigung“ veräffentlecht ginn. An däser Publikatioun gëtt detailléiert erkläert wéi eng verschidde Méiglechkeeten et ginn a wou dës Mesurë machbar sinn. Déi verschidden administrativ Schrëtt an ze féierend Demarchë sinn och an dëse ministerielle Richtlinnen zesummegefaasst.

Ech wëll awer drop hiweisen, dass d’Initiativ fir Moossnamen zur Verkéiersberouegung innerhalb vun enger Uertschaft an d’Zoustännegkeet vun der territorial zoustänneger Gemeng falen, och wann et sech ëm eng Staatsstrooss handelt.

Aktuell schaffen d’Stroossebauverwaltung an d’Gemeng u Konzepter fir d’Staatsstroossen innerhalb vun der Uertschaft ze reamenagéieren.

Wat elo d’Autobunnsopfaart Réimech/Schengen ubelaangt, esou gouf deen Sujet schonns ausféierlech an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen n° 737 vum 1. Juli 2010 an n° 1505 vum 12. November 2024 traitéiert.

A dësen Äntwerte gouf präziséiert, dass den Echangeur Schengen eng staark Steigung huet. Dës Steigung féiert dozou, dass den opfuerenden Schwéierverkéier, wann e vun der Nationalstrooss N10 op d'Autobunn A13 opfiert, einfach ze lues ass, fir sech sécher virum Tunnel a de fléissende Verkéier anzefädelen.

Wéinst der direkter Proximitéit vum Echangeur Schengen zur Entrée vum Tunnel ass et och net méiglech eng Beschleunegungsspuer vu konformer Längt ze bauen, fir eng sécher Integratioun vum Schwéiertrafic an de Verkéier op der Autobunn virum Tunnel ze garantéieren.

Bei der Ausaarbechtung vum Sécherheetsdossier vum Tunnel Markusbierg entspriechend der europäescher Direktiv 2004/54/CE, déi déi minimal Sécherheetsufuerderunge fir Stroossentunnellen am transeuropäesche Stroossennetz reegelt, gouf opgrond vun der Risikoanalys zur Tunnelnotzung entscheet, dass den direkten Zougang vun der Nationalstrooss N10 op d'Autobunn A13 a Richtung Péiteng fir Camione limitéiert muss ginn. Aktuell ass deemno d'Opfaart fir Camione mat engem maximale Gesamtgewiicht iwwert 3,5 Tonne gespaart.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Et ass allerdéngs virgesinn, eng nei Risikoanalys duerchzeféieren, fir d'Entscheedung vun deemools ze iwwerpréiwen. Dës Analys wäert aus der Siicht vun der Verkéierssécherheet an op der Hypothees gemaach ginn, dass d'Camionen hautzedaags besser motoriséiert sinn. Jee no Resultat vun där Analys, kéint dat maximal zoulässegt Gesamtgewiicht fir d'Camionen, déi erlaabt sinn d'Opfaart ze notzen, eropgesat ginn.

Lëtzebuerg, den 12. März 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes